adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 6. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Aus der Äntwert vum Här Mobilitéitsminister op meng parlamentaresch Fro zu de Sproochen um Findel (N°4758) geet ervir, datt déi nei automatiséiert Ukënnegungen um Findel op Franséisch an Englesch gemaach ginn, awer net op Lëtzebuergesch. Als Grond heifir präziséiert den Här Minister ënnert anerem, datt "e personaliséiert Produkt an der Lëtzebuerger Sprooch (...) zu bedeitenden zousätzleche Käschte" féiere géif. Vu datt Lëtzebuerg awer substantiell Zomme fir den "Nation branding" ausgëtt, ass et an den Ae vun der ADR net nozevollzéien, firwat mir net och op eisem nationale Fluchhafen eis Nationalsprooch an administrativ Sprooch Lëtzebuergesch an déi däitsch Sprooch héichhalen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Kann den Här Mobilitéitsminister opschlësselen, wéi vill et kaschte géif, een, ewéi den Här Minister seet, "personaliséiert Produkt an der Lëtzebuerger Sprooch" an Optrag ze ginn?
2. Lëtzebuerg huet jo keng offiziell Sproochen, mä amplaz eng Nationalsprooch an dräi administrativ Sproochen. Firwat gëtt hei eng vun den dräi administrative Sprooche bevirdeelegt an déi aner zwou benodeelegt behandelt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

Deputéierten